**D'Vollek op der Strooss:** Hast du schon einen Antrag gestellt um das RMG (Revenu Minimum Garanti) eventuell erhalten zu können?

**Lucky:** Das RMG kriege ich niemals! Ich habe seit sieben Jahren nicht existiert, war nirgendwo angemeldet. (Anmerkung der Redaktion: Angabe des Wohnsitzes während der letzten zehn Jahren ist eine der Bedingungen um das RMG erhalten zu können.) Was bleibt da noch? „Nei Aarbecht“! Ok. Du arbeitest, dafür kriegst du einmal täglich Mittagessen, ein Zimmer und 1250 Franken die Woche. Das reicht gerade noch für den Tabak. Aber womit kaufe ich mir eine Hose? Und Schnürsenkel für meine Schuhe? Und Seife, Waschmittel, Putzmittel? Womit bezahle ich die Wäscherei? Auf dem Zimmer gibt es keine Waschmaschine. Das geht nicht, verstehst du? Du arbeitest und kannst nicht leben! Weißt du, so provoziert der Staat die Schwarzarbeit. Und übrigens, ich finde es eine Schweinerei, dass die Caritas-Leute dich und deinen Genossen rausgeworfen haben, dass die euch nichts zu fressen gaben, weil ihr andere Ideen habt, als die da oben. Ich wäre bereit, für dich und deinen Genossen mein Essen raus auf die Straße zu bringen! Zum Schluss meinte Lucky's Genosse: „Quand les poules auront des dents, le gouvernement luxembourgeois changera d'avis.“

## WAT ASS E STRUMMERT ?

Ënnert engem Strummert versteet een normalerweis e Mënsch, dee keng Wunneng, keen Akommes huet, sech iergendwou an en dréchenen Eck setzt, eng Fläsch Wäin oder Béier drénkt a bei d'Leit heesche geet.

Elo kéint een awer higoen, an d'Strummerten a gewësse Gruppen andeelen. Esou zum Beispill:

- E Strummert, deen de ganzen Dag dobaussen op der Strooss ass

## Text aus der Zeitung N°1.1 (Dezember 1996)

# D'Strumm

- Een, deen am Nuetsfoyer schléift
- Een, deen eng "mise au travail" huet oder den RMG kritt
- En Asylant oder Ausländer, deen och keen Ënnerdaach huet

Dës Andeeling wier awer eng Klassifizierung vun der Strumm an eiser Klassegéellschaft, wat Rassismus ass, wou Differenzen, Ënnerscheeder téschent Mënsche geschafe ginn. Bestinn net scho genuch Ënnerscheeder an eiser Klassegéellschaft?

## WÉI KËNNT EEN OP D'STRUMM?

Do spille verschidde sozial Faktoren eng Roll.

Eemol perséinlech Problemer, Problemer op der Aarbechtsplaz, mat der Wunneng, doduerch Verloscht vun de Sozialversécherungen, wéi Krankekeess a Pensiounskess.

Ville bleift da just nach d'Strooss!

Op der Strooss ass et virun allem am Ufank net liicht. Et weess een net, wéi een un lesse kënnt, wéi een u Sue kënnt, wou een eppes ze drénke kritt a wou een dréchen a sécher schlöfe kann. Wat elo net heesche soll, dass et duerno vill méi liicht ass.

Natierlech ginn et vill Leit déi soen, dass d'Strummerten hir Suen ausgi fir ze versaufen. Et gesäit een, wann e Mënsch gesoff huet, awer net, wann en duuschtereg ass.

Et ass och net esou, dass all Strummert säift. Dann ass et awer och esou, dass et op der Strumm bal net auszehalen ass, ouni ze saufen.

Ausserdeem ass alkoholescht Gedrénk méri bélleg ewéi dat anert Gedrénk.

Ganz oft gëtt e Strummert als domm higestallt, wat awer net de Fall ass.

Edition: Nr.1/96

Dézember 1996

## "STËMM vun der STROOSS"

"Eng Letzebuiger Zeitung vun  
a fier d'Leit vun der Strooss"

"Un journal Luxembourgeois  
rédigé par et pour les personnes  
sans domicile fixe"

"Eine Luxemburger Zeitung erstellt  
von und für Obdachlose"

-D'Zeitung ass als Usprichorgan vun de Leit vun  
de Leit vun der Strooss--  
-Motivatioun vun de Leit vun der Strooss--  
-Usprichorgan vum Vollek  
-Usprichorgan vun aaneren Hellefsorganosationen  
ennert Mataarbecht vun aaneren Organisationen  
ze gesinn.

-Le journal a comme buts:

Vill sinn esouguer op der Strumm, well se sech Gedanken  
iwwert eis Gesellschaft gemaach hunn.

Do kéint ee soen: Mir können op hire Computere schaffen,  
vill Leit vun eiser Wuelstandsgesellschaft géingen et awer  
net op der Strumm aushalen.

D'Strummerte kommen och aus verschiddene soziale Schichten a Milieuen.

De Wee dohi ka kuerz oder laang sinn. Et gëtt een awer  
net dono gefrot, well et e fléissende Prozess ass, woubäi  
Alkohol an Drogen och eng Roll matspille kënnen.

Meeschtens si Strummerte vun de Leit net esou gär gesinn  
a gi vun der Plaz, wou se grad sätzen, fortgejot a mussen  
sech en anert Leeér sichen.

D'Leit begrënnen dat mat verschidde Argumentatiounen  
ewéi: Dir stéiert an eiser propperer Géigend, well der  
net propper ugedoe sidd, alles dreckeg maacht, an den Eck  
pisso gitt an esou weider.

Eng Äntwert heirop: En Hond oder eng Kaz kënne pissen a  
kacken, wou se wëllen.

E Mënsch net.

E gutt Beispill dofir ass d'Lëtzebuiger Gare, wou d'Strummerte  
vum Sécherheetsdéngscht vun der CFL an d'Keelt  
virun d'Dier geheit ginn.

Mir haten och vun der Zeitung "Stëmm vun der Strooss" bei  
der CFL-Direktioun ugefrot, fir Niklosdag Kuch a Gedrénk  
fir d'Strummerten ze verdeelen. Dat ass eis awer vun der  
CFL Direktioun net erlaabt ginn.

Merci!!!

# INTERVIEW mam Ines Kurschat,

JOURNALISTIN BEIM "LËTZEBUERGER LAND" A PRESIDENTIN VUM PRESSEROT

## KËNNT DIR IECH WGL. KUERZ VIRSTELLEN?

Mäin Numm ass Ines Kurschat, ech si Journalistin beim „Lëtzebuerger Land“, ech si Benevole an der Menscherechtskommissioun an ech si gewielte Presidentin vum Presserot.

## WAT GENAU ASS DE PRESSEROT?

De Presserot ass dat Organ, wat hei zu Lëtzebuerg d'Journalisten an d'Verleeër vertrëtt.

Eng vu sengen Aufgaben ass, iwwert de Code de déontologie, also de Verhalenskodex vun de Journalisten an de Journalistinnen ze waachen, an en ass och responsabel fir d'Plaintékommissioun, wann zum Beispill e(ng) Journalist(in), oder eng Zeitung géint iergendwellem Reegle verstouss huet, da kann dat beim Presserot reklaméiert ginn.

Eng aner Aufgab ass och nach, dass mir eis Meenung zu Gesetzer, déi d'Press betreffen, ofginn.

## DIR KENNT D'ZEITUNG VUN DER STËMM SCHO MÉI LAANG, WAT KËNNT DIR EIS IWWER D'EVOLUTIOUN DOVU SOEN?

Ech sinn 2000 mat der Zeitung vun der Stëmm a Beréierung komm a mäin Androck ass, dass d'Zeitung sech professinaliséiert huet.

D'Biller si besser ginn, de Layout ass méi flott ginn. Wat elo d'Themen ugeet, déi dir behandelt, do ass et gréisstendeels d'selwecht bliwwen.

## WAT GEFÄLT IECH GUTT UN DER ZEITUNG?

Eppes wat mir opfält, dat ass, dass dir vill am "Ich"-Stil schreift. Dat ass am "klassesche" Journalismus eigentlech verpöhnt.

Mä ech fannen dat gutt, well dir sidd jo "Stëmm vun der Strooss" also am Fong e Sproochrouer fir déi Leit.

Wat nach gutt ass, a wat dir aneren Zeitunge viraus hutt, dir sidd ganz no un der Clientèle.

Dat ass e Problem, deen den "klassesche" Journalismus am Moment huet, vill Journalistinnen a Journaliste sinn ze no un der Muecht an erzielen dowéinst net méi onbedingt déi Geschichten, déi d'Leit wëllen héieren, well een eeben net méi no genuch un de Leit ass.

Dann ass et och gutt, dass et e Medium gëtt, deen dat Soziaalt belicht.

Well dat ass jo, menger Meenung no, nieft der Bildung en Thema, dat d'Gesellschaft betréfft, wat se a Gaang hält.



E ganzt wichtegt Thema also an dofir ass et gutt, dass dee Spektrum duerch e Medium ofgedeckt ass.

## GUETT ET OCH EPPES, WAT IECH NET ESOU GUTT GEFÄLT?

Wat mir opfält, an dat ass elo keng inhaltlech Kritik, dat ass vum Layout hier, dir fannt net émmer d'Glächgewiicht téschent vill Text a vill oder wéineg Fotoen.

Am Moment hutt dir eng Virléift fir grouss Fotoen, an doduerch ginn dann är Texter e bëssen "bleiwüste".

Ech weess och net, ob är Clientèle Loscht huet, en Artikel



ze liesen, deen dräi Säite laang ass, ouni en Tëschentitel. Tëschentitel sinn émmer gutt, fir d'Leit un den Text erunzéien a fir ze verhënneren, dass een "versandet", well een esou vill Buschtawe gesäit.

Och bei den Interviewe fält mer op, dass d'Verhältnis tëschent de Froen an den Äntwerten net émmer ginn ass. Bei enger Fro, déi ee mat zwee Sätz beäntwere kann, muss d'Äntwert net onbedéngt fozféng Linne grouss sinn. Dofir ass d'Devise vun de Profien émmer kierzen, kierzen, kierzen.

### **WAT ASS AN ÄREN AEN DEN ÉNNERSCHEED TËSCHENT ENGER KLASSESCHER ZEITUNG AN DER ZEITUNG VUN DER STËMM?**

Wéi scho gesot, är Clientèle, dir hutt eng speziell Zilgrupp. D'Formater énnerscheeden sech och, är Reportagë si keng klassesch Reportagen, mä éischter Feature Reportagen.

### **WAT ASS ENG KLASSESCH REPORTAGE?**

Bei enger klassescher Reportage huet een en Thema, et geet een dohin, et versicht een, Stëmmen an Andréck vun der Plaz oder vun der Zeen ze kréien.

Et muss een och Recherché maachen, dat mécht een am Virfeld fir ze wëssen, wou genau een higeet, wien oder wat een do erwaart, wann néideg mécht ee sech och mat Chiffere vertraut.

Dat mécht een, wann een zum Beispill wëll Froe stellen. Mä eng klassesch Reportage ass éischter beobachtend, aus enger subjektiver Approche geschriwwen.

Da gëtt et nach de Feature, dat ass eng Mëschung tëschent Bericht a Reportage.

Dir gitt iergendwou hin, maacht Fotoe vun enger Zeen, maacht iech Notizen.

Mä dat huelt der just als Introduktioun. Den Eenzelfall ass e Bäispill fir e méi allgemenge Sujet mat Fakten.

Dir huelt also méi vun dem Recherchéierten.

An domat ass de Buedem vun der Reportage verlooss.

D'Reportage behandelt just dat, wat der op der Plaz gesitt.

### **WAT SOLL E GUDDE JOURNALIST HUNN?**

Eng gutt Journalistin oder e gudde Journalist ass fir mech een, deen et émmer erëm fäerdegréngt, sech a Fro ze stellen.

Et muss een dofir net onbedéngt eng Formatioun hunn.

Et ass natierlech ni schlecht, Formatiounen ze maachen, mä et ass keng Viraussetzung, fir e gudde Journalist ze sinn.

Et ass virun allem eng Fro vun der Haltung.

Et muss ee Feeler können zouginn a se och verbesseren. An et muss ee sech bewosst sinn, wou een ass, a wéi een am Beschten un en Thema erugeet.

**MADAME KURSCHAT,**

**VILMOOLS MERCI FIR DAT INTERESSANT GESPRÉICH.**

Text aus der Zeitung N°5  
zum Thema « Abhängigkeit » (Januar 1999)

# Petrusstal und kein Ende



**WER HEUTE IM PETRUSTAL SPAZIEREN GEHT, MEIDET BESSER EINIGE WEGE. AN VERSCHIEDENEN STELLEN KÖNNEN DIE SPAZIERGÄNGER NÄMLICH AM LEBEN DER DROGENKONSUMENTEN TEILNEHMEN.**

Nicht weit weg vom Pont Adolphe gibt es eine Stelle, die mit Einwegspritzen übersät ist. 100 Meter weit von diesem Ort entfernt, kann man den Kindern auf dem Spielplatz zusehen. Die Gefahr, die von solchen Plätzen ausgeht, ist besonders für die kleineren unserer Gesellschaft nicht zu übersehen.

Wäre es nicht möglich, Automaten an verschiedenen Orten des Petrustals zu errichten? Dort könnten Drogenkranke sterile Spritzen bekommen und ihre gebrauchten Utensilien wegwerfen. Das Petrustal zählt zu den beliebtesten Attraktionen unserer Stadt. Es sollte auch als solches erhalten bleiben.

Die Verantwortlichen der Stadt Luxemburg sollten sich die Frage stellen, ob es nicht sinnvoller wäre, eine Anlaufstelle für Drogenabhängige zu gründen. Toxikomane bräuchten sich dann nicht, wie verseuchte Tiere, ins Petrustal zurückzuziehen, um dort ihre Drogen zu konsumieren.

In den Fixerstuben könnte man kontrolliert Heroin und Morphin an Drogenabhängige verteilen. In der Schweiz wurde schon bewiesen, dass solche Maßnahmen große Vorteile mit sich bringen können. Mit einer kontrollierten Verteilung von Drogen könnte man dem Drogenmarkt einen herben Schlag verpassen und ihn auf ein Minimum reduzieren. Der gesundheitliche Zustand der Toxikomnen würde sich verbessern und Krankheiten wie Aids und Hepatitis würden nicht mehr durch den Gebrauch von benutzten Spritzen verbreitet werden.

Berichte über ein solches Versuchsprojekt in der Schweiz haben bewiesen, dass die Kriminalität um 60 % zurückgegangen ist. (Quelle Spiegel Nr.29 1997)

Der Staat könnte so eine Menge an Steuergeldern sparen, da die Gerichtsurteile und die medizinischen Behandlungen abnehmen würden.

Zudem könnte die Integration in die Arbeitswelt verbes-

sert werden. Das Programm der kontrollierten Abgabe von Drogen könnte die Gefahr einer Überdosis vermindern. Es gibt also genügend Gründe, ein solches Programm zu unterstützen. Es müsste in Luxemburg gestartet werden, um nicht später hinter den anderen europäischen Ländern herlaufen zu müssen.

Auf Klebebildern kann man lesen „Keine Macht den Drogen“. Aber eine Chance muss man den Abhängigen doch geben, oder etwa nicht?

Romain



**Stémm vun der Strooss**

9 / N°5

Sommaire:

**Editorial**

La dépendance peut revêtir de nombreux aspects. Pour la majorité des personnes, le mot « drogue » rime avec haschich, marijuana, héroïne, LSD ou ecstasy. Ce que la société a cependant tendance à oublier, c'est que l'alcool fait plus de morts que l'héroïne.

Si les drogues illicites sont par définition illégales, le whisky en revanche et le vin rouge, pour ne citer que ces exemples-là, font partie des drogues autorisées. En d'autres mots, l'alcoolisme est incité alors que la toxicomanie est très souvent considérée comme étant en relation immédiate avec la délinquance.

Mais la douleur qui est toujours ressentie est une réalité, que ce soit pour une dépendance à l'alcool ou aux drogues dures. Pour voir cette souffrance, il suffit d'aller dans les services d'urgence des hôpitaux, tout particulièrement les soirs d'hiver. Souvent, les alcooliques ne sont qu'un numéro parmi d'autres. L'espace de quelques heures, ils sont au chaud. Ils sont lavés, soignés et nourris mais ce répit n'est que de courte durée. La rue reste en fin de compte le seul refuge des oubliés de la société.

Quant au sort réservé aux toxicomanes ou aux polytoxicomanes, il n'est pas plus enviable. Les drogués sont placés au 5ème étage de l'hôpital

**Alexandra Oxacelay**

**Editorial**

**Politique en matière de stupéfiants**

**Données épidémiologiques**

**Streetwork in der Drogenzene**

**Petrustal und kein Ende**

**Methadon: Ersatzmittel für Drogenabhängige**

**Leben einer altpositiven Polytoxicomanin**

**Villa Kunterbunt amstatt Hölle**

**Zum Opfer geworden**

**Meinen Körper verkauft ich für das Testfahrzeug**

**Auftruf zur Zusammenarbeit**

**Moi un malentendu?**

**Adresses pratiques**

**Nouvelles**



# INTERVIEW

## mam Gesondheetsminister Étienne Schneider

**Wéi sidd Dir Politiker ginn? War et eng spezifesch Geleeënheit oder eng Erfarung, déi lech dozou bruecht huet oder war dat vun Ufank u kloer fir lech?**

Ech war als jonke Mënsch schonn a ville Veräiner engagéiert. Ech war Massendénger, ech war bei de Scouten an ech war am Jugendclub. Ech hunn Theater gespillt, dat huet mir émmer gefall, a wéi ech du méi an de jugendlichen Alter komm sinn, huet sech dat entwéckelt. Ech hu mech émmer gäre fir d'Leit agesat, dunn hunn ech mer gesot, dass d'Politik eppes ass, wat mer géif leien. Ech hat och déi Zäit vill Ufroe vu Parteien, mee ech hunn émmer gesot, ech wéilt fir d'éischt meng Première maachen, ier ech an d'Politik ginn. Wéi ech se dunn hat, hunn ech mer d'Programmer ugekuckt an hu fonnt, dass d'LSAP awer de sozialste Programm huet, dee mir am nooste steet an du sinn ech an d'Politik gaangen.

**Firwat hutt Dir lech fir LSAP entscheet?**

Ech hu mir verschidde Programmer aus de verschidde Parteie komme gelooss. Ech sinn aus enger Aarbechterfamil, wou mir 3 Bouwe waren. D'Eltere waren Aarbechter, an et war um Enn vum Mount net émmer sou einfach, eenszegin. Et huet mech, wéi gesot, émmer interesséiert, mech fir d'Leit anzesetzen, an do war an ass d'LSAP nach émmer déi Partei, déi am meeschten dofir steet, fir dofir ze suergen, dass déi Diskrepanz téshent deene Leit, deenen et gutt geet an deene Leit, deenen et net sou gutt geet, net ze grouss ass. Ech weess, dass dat net émmer einfach ass, mee mir maachen dat elo och émmer erëm an der Regierung. Ech si jo och Wirtschaftsminister, an ech hunn et émmer sou gesinn, datt et an der Regierung och Leit musse ginn, déi Suen eranhuelen. D'Staatskeess muss jo gefëllt ginn, dass mir dann dovun de

Mindestloun können erhéijen a méi kenne bei Rechnunge vun den Doktere báileeën an zum Beispill d'Stëmm vun der Strooss an och nach honnerten aner Associatione können énnerstëtzzen. Ech fannen dat awer eng nobel Aufgab, dofir ze suergen, datt Suen an d'Staatskeess erakommen, fir dass mir se erëm sou sozial wéi méiglech kenne verdeelen.

**Wat fir Virbiller hutt Dir an der Politik?**

Ech hu keng. Ech fannen dat émmer sou klischeehaft ze soen, dat do ass mäi Virbild. Ech hunn eng Rei Ideologien, eng Rei Iddien am Kapp, sou zum Beispill, dass Economie kee Selbstzweck ass. Si muss do sinn, fir dofir ze suergen, dass et jiddereng am Land gutt geet an net némmen deenen, déi Proprietäre vu Firmae sinn oder déi, déi Proprietäre vu Terrainen oder vu Wunnenge sinn. Mee och deem, deen all Dag muss kämpfen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat ass zu Lëtzebuerg e Merkmal vis-à-vis vun deene meeschten aneren europäeschen Länner, dass mer émmer probéiert hunn, jiddereen iergendwéi matzehuelen. Et ass net einfach gesot ginn, déi do 20

% vun der Populatioun, déi packen et souwisou net, déi sinn eis egal a mir maache just eppes, fir dass déi Déck nach méi räich ginn. Dat ass fir mech wichteg. Dass mer do probéieren ze intervenéieren, dass een de Maximum mécht, fir dass déi Leit, déi eeben net sou vill Chance am Liewen haten, eng Chance kréien.

*„...dat, wat an der Zeitung vun der „Stëmm vun der Strooss“ steet, dat si Saachen, déi d'Leit um Terrain dobausse beweegen an ech fannen dat wierklech wichteg.“*

**Wat ass fir lech de positiivsten, resp. den negatiivsten Aspekt an der Aarbecht als Politiker?**

Dee positiivsten Aspekt ass deen, dass ee Resultater gesäit vun deem, wat ee mécht, och wann et heiansdo laang dau-

ert. Den negatieve ass deen, dass, wann een a menger Positioun ass, kee Privatliewe méi huet. Et schafft ee vill ze vill, vill ze laang, et ass een dauernd an der Hetz, et ass een émmer énnerwee an et huet ee keng Zäit méi fir seng Frénn a seng Famill, well et och keng Weekender gëtt.

#### **Wat ass dann d'Motivatioun, dat iwwert esou vill Joren ze maachen?**

D'Motivatioun ass déi, dass een awer gesait, dass eppes geschitt, dass een dat, wat meng Idealer sinn, awer lues a lues émgesat kritt, dass een dofir ka suergen, dass et der Lëtzebuerger Economie guttgeet, dass et an der Santé gutt geet, sech d'Situatioun fir d'Leit verbessert, dat si scho Motivatiounen, well wann dat net wier, da géif een dat anert net op sech huelen. Et ass emol net, wat vill Leit mengen, dat Finanziellt. D'Leit menge jo oft, e Minister verdéngt vill Suen, dann ass dat jo eng Motivatioun. Ech muss iech soen, dass ech, éier ech Minister war, dat Duebelt verdéngt hu wéi elo als Minister. Ech war virdru Chef vun



enger Rei Firmaen a vun enger Bank a sinn du Minister ginn. Do hunn ech, wéi gesot, méi ewéi d'Halschent vu mengem Akommes verluer, wat awer fir mech net wichteg war, well ech déi Chance hat, eppes ze beweegen am Land. D'Sue ware mir ni wichteg. Mee dat, wat mir awer feelt ass d'Privatliewen, dat heescht, dass ee keng Zäit méi huet fir sech, fir seng Frénn, fir seng Famill.

#### **Dir hutt elo de Poste vum Gesondheetsminister iwwerholl. Wéi schwiereg ass et, fir sech an esou en Dossier eranzeschaffen?**

Et ass net schwiereg, mee et brauch een e bëssen Zäit, well et jo awer vis-à-vis vun deenen Dossieren, déi ech virdrun hat, eppes aneres ass. Ech sinn nach émmer Wirtschaftsminister, ech war Verdeedegungsminister, Policeminister, Energieminister, Tourismusminister an elo kënnt eeben dann d'Santé dobäi. D'Dossieren änneren, mee d'Basisproblematik ass émmer déi selwecht. Awer et ass interessant, well et en neien Challenge ass. Et ass en neie Sujet, et huet ee mat ganz neien an interessante Leit ze dinn, an et mécht awer Spaass, mol erém eppes Neies ze maachen.

#### **An Ärer Regierung gëtt de Cannabis legaliséiert, zumindest geplangt, wéi koum et zu där Decisioun?**

An eise Walprogrammer vun deenen 3 Parteie stoung dat, mol zumindest bei der LSAP a bei deene Gréngen. Wéi du verhandelt ginn ass, ass gesot ginn: Ma jo, dat stoung jo an eise Walprogrammer. An do ass et drakomm duerch eis Jugendsektiouen. Dat weist, dass déi Jonk och Afloss hunn, well finalment ass et duerch d'Jugendsektiouen an de Regierungsprogramm komm. Et mécht awer och e Senn, fir dat aus der gesondheetlecher Perspektiv ze maachen, well ech gesinn als Gesondheetsminister, dass eis Drogopolitik an deene leschte 40 -50 Joer net funktionéiert huet. Mir hunn einfach carrement alles verbueden. Mä doduerch huet kee manner Droege geholl, wéi wann et net verbueden gewiescht wär, mee d'Leit si gezwonge gewiescht, op d'Gare ze goen an um Schwaarzmaart oft qualitativ Dreck ze kafen. En plus sinn da Kanner a Jugendlecher do hire Cannabis kafe gaangen, deen eebe keng gutt Qualitéit huet, an da si se do a Kontakt mat den Drogendealer komm, déi hinnen awer

natierlech och nach aner Saache wollten énnerjubelen, well se duerch méi staark Drogen och méi verdénge können. An doduerch, dass de Cannabis eeben net legal ass, bass du als Konsument forcement gezwongen, bei déi Leit ze goen, déi dech dann dauernd dovu wëllen iwwerzeegen, nach aner Drogen, méi haart Drogen, ze huelen. A sou kënns du da vun enger eigentlech lichter Drog, déi net méi schlëmm ass wéi den Alkohol, u Kokain an Heroin asw. An doduerch énnerbanne mir dat dann, andeems wou mir et wëlle legaliséieren. Sou kënnt némmen nach kontrolléiert Wuer un de Mann, wou och den THC net ze vill héich ass. Sou kréien d'Leit näischt méi Staarkes ugebueden vun den Dealer. Vum gesondheetleche Standpunkt hier mécht et duerchaus Senn, fir dat ze maachen a genau dofir wëlle mir dat och maachen.

#### **Kann een dat net och op de Kokain an den Heroin uwenden?**

Dat ass eng ganz gutt Fro. Ech mengen och, dass een doriwwer muss diskutéieren, well och eis Politik, wat dat ugeet, ass eigentlech net reusséiert. Mir hunn eigentlech méi Interessi, wa mir d'Produktioun an d'Qualitéit vun deene Substanzen, déi d'Leit wëllen huelen, kontrolléieren, wéi dass mir alles verbidden an dann huele se egal wat, wat se eeben op der Gare ugebueden kréien. Dat ass wierklech e Probleem. Ech mengen, Lëtzebuerg ass e konservativt Land, ech fannen et wichteg, dass mir elo mol mat enger méi duusser Drog wéi z.B. Cannabis ufänken, an da kucke mir, wéi et sech entwéckelt an da muss ee wierklech och iwwert deen do Sujet schwätzen.

#### **Ass d'Verantwortung fir 3 Ämter aus sou verschiddene Sektoren net heiånsdo e bësse vill?**

Ech hat der scho méi. Vizepremier, Energieminister, Wirtschaftsminister, Policeminister, Verdeedegungsminister, Tourismusminister. Wann ee gewinnt ass, vill Dossiere parallel ze geréieren, da geet dat. Et huet een eebe kee Privatliewe méi, et schafft ee permanent, et huet ee keng Weekender fräi. D'Weekender kommen ech émmer op de Büro, fir all déi Saachen ze liesen, déi ech muss énnerschreiwen. An an

der Woch ass een net roueg, well dann Entrevuë sinn, well dauernd iergendeen am Büro ass, da kommen ech eeben de Weekend. Mee dat ass alles ze maachen. Ouni meng Mataarbechter geet et net. Deene muss een natierlech och vertraue kënnen, dass si den Tri maache vun deene Saachen, déi een als Minister wierklech muss gesinn. Et ginn och Saachen, déi si selwer decidéieren. Déi si fest vum Gesondheetsministère agestallt an net politesch engagéiert. Ech wollt ni Leit, déi politesch sinn. Ech hunn och ni Leit vu menger Partei agestallt oder vu mengem Cabinet ministériel. Ech wëll Leit, déi gutt sinn, onofhängeg, wéi eng Partei si wielen oder wéi enger Partei si nostinn. Dat ass mir am Fong egal.

### Sidd Dir perséinlech mat Ärem Werdegang zefriddien, oder geet et lech wéi deene meeschte Leit an erwëschzt Dir lech och heiando bei der Fro, hätt ech villäicht awer dat eent oder anert anescht maache kënnen oder sollen?

Natierlech huet een oft Dossieren, wou een sech herno denkt: „Dat do hätt ech anescht gemaach, wann ech gewosst hätt, wéi sech dat do entwéckelt“, mee generell muss ech soen, dass ech zefridde si mat mengem Liewenslaf, mat deem, wat ech bis elo gemaach hunn, mee ech soen awer grad esou, dass ech net wëll ofhängeg gi vun der Politik. Well ech dat émmer als e Problem gesinn, dass d'Politiker, wa se bis eng Kéier uewe sinn, da wëlle se ni méi fort, an da krit een ni en „Renouveau“, resp. nei Iddien eran, an da gëtt een och als Politiker ofhängeg vun der Politik, vun dem Mandat, vun dem Amt, ech soe lo mol vun deem Flot-ten, wat dat esou mat sech bréngt: de Chauffer, den Auto, de rouden Teppech asw. Alles dat wollt ech ni, an dofir probéieren ech alles, fir ze evitéieren, dass ee sech dorunner gewinnt. Dofir hunn ech och émmer gesot, dass een op deem Niveau, wou ech sinn, also als Minister, maximal 10 Joer sollt bleiwen, fir net ofhängeg ze ginn. Ech kenne genuch Leit an der Politik, déi einfach, well se den Job wëlle behalen, eigentlech Decisiounen treffen, déi net am Interessi vum Land sinn, also Decisiounen huelen, fir dass se erëmgewielt ginn. An dat wollt ech ni, well ech et schued fannen, wann ech als Minister Decisiounen huelen, well ech weess, dann ass all Mensch happy, mee ech weess awer genau sou gutt, dass et net déi bescht Optioun ass fir d'Land. Ech soen och émmer, wann ee seng Iddien net an 10 Joer émgesat huet, mécht een et och net a 15. An dann ass et mir och wichteg, déi Onofhängegkeet vun der Politik ze behalen. Ech sinn net ofhängeg vun dem Mandat an der Politik an ech wëll et och ni ginn.

### Wéi gesäit d'Liewen no der Politik aus?

Ech kann dat net soen, ech weess et net. Ech mengen, ech hat jo och e Liewe virun der Politik. Da wäert ech jo och eppes fannen no der Politik. Sou flexibel an engagéiert wéi een als Politiker muss sinn, sollt dat och machbar sinn, eppes dono ze fannen, wat jo och eppes anescht kann sinn ewéi virdrun.

### Kennt Dir d'Stëmm perséinlech aus der Zäit, wou Dir nach net als Gesondheetsminister mat eis ze dinn hat?

Jo. Ech liesen d'Stëmm vun der Strooss vun der éischter Editioun un. Ech hunn se émmer op mengem Büro gehat an émmer abonnéiert, well ech d'Initiativ immens flott an immens wichteg fonnt hunn. Ech kréien d'Zeitunge meeschters net gelies, well ech ni um Büro sinn, émmer énnervee sinn, keng Zäit hunn; mee d'Stëmm ass awer eng Zäitschrëft, déi ech émmer duerchbliederen, well ech se interessant fannen.

Är Zäitschrëft helleft mir, als Politiker, op dem Niveau vum Minister de Bezug zu dem reelle Liewen op der Strooss ze hunn. A wann ech op der Strooss soen, dann mengen ech am generelle Liewe vun de Suerge vun den normale Leit dobaussen.

An dofir denken ech, all Respekt fir dat, wat dir do zesumme färdegebréngt. Ech fannen dat wierklech informativ, an ech sinn émmer vrou, wann ech se um Büro hunn, ech loossen d'Wort an d'Tageblatt an all déi aner leien, an



ech liesen d'Stëmm, well dat mir méi bréngt. Dat, wat am Wort an iwverall steet, dat kennen ech. Dat ass déi „daily politics“, mee dat, wat do steet, dat si Saachen, déi d'Leit um Terrain dobausse beewegen an ech fannen dat wierklech wichteg.

### Wat kéint een Ärer Meenung no nach verbesseren un onser Zeitung?

Ech weess net, ob ee vill ka verbesseren. Ech fanne se flott an informativ, an ech fannen et och gutt, dass der Fotoen dran hutt vun de Leit, vun deenen der schwätz, an dass déi och selwer dra schreiwen. Gutt ass och, dass se an enger einfacher Sprooch geschriwwen ass. Well ech gesinn et jo an der Politik all Dag, dass jiddereen émmer versicht, esou intelligent ewéi méiglech eriwwerzekommen a sech sou geschwolle wéi méiglech ausdréckt. Zum Schluss huet een da just erreicht, dass kee verstane huet, wat ee gemengt huet, an dat gefällt mir esou gutt un ärer Zeitung. Si ass émmer propper geschriwwen, mee et ass awer esou, dass all normale Mensch et och verstoe kann.

**Här Minister, villmoos Merci fir dat interessant Gespräch.**





Text aus der Zeitung N°11  
zum Thema « Prostitution » (März 2000)

# The needle and the damage done

**NEIL YOUNG VA CERTAINEMENT ME PARDONNER D'AVOIR ABUSÉ DU TITRE DE SA CHANSON FASCINANTE ET BIEN CONNU SUR LE THÈME DES COPAINS QUI TOMBENT DANS LA POUDRE, MAIS SI J'AI CHOISI CE TITRE, C'EST JUSTEMENT PARCE QUE JE VOUDRAIS PARLER DE CES FILLES QUI DONNENT LEUR CORPS POUR DE LA NEIGE.**


Toutes ces femmes au service de « l'amour » sont celles que j'ai connues de plus près. Etant Junk moi-même, j'ai partagé une partie de leur vie, j'ai même vécu avec quelques-unes d'entre elles.

Ce sont celles qui seraient prêtes à littéralement tout donner d'elles-mêmes pour avoir le fric pour un shoot... Evidemment, un reste de fierté leur interdit d'admettre à quiconque les bas prix auxquels elles bradent leur cul. Please excuse my french ! Mais au moment où le manque leur arrache les tripes du corps, et qu'un client dégueulasse, graisseux et profitant de la situation désespérée leur offre 500 LUF pour un coup vite fait, debout contre le mur d'un chiotte public (évidemment « sans »), c'est oui ! Et espérons que personne ne nous verra. Ce n'est pas par amitié qu'une autre viendrait en aide. Cela casserait les prix et on reste commerçant après tout !

Quels ravages doivent faire ces rabaissements quotidiens à des âmes qui n'ont souvent qu'à peine 13 ans ? Et après le rabaissement de l'acte répugnant vient celui lié à l'achat. Il y a de bons dealers cool qui te rendent une partie de ta dignité en se comportant poliment, comme s'ils devaient s'excuser de te vendre de la came, tout en sachant comment tu as gagné le fric. Malheureusement il y en a peu de cette sorte. La plupart, comme les mecs, les proxénètes, jouissent dans ce petit pool, du pouvoir que leur procure leur job.

Un thérapeute, qui se fixe pour but de réintégrer, voire de ré-humaniser un être qui n'a vu que le pire de l'homme, et ce, des jours et des jours, des années et des années, doit

avoir des facultés magiques pour réussir. Déjà, comment voulez-vous apprendre à ces fillettes de la nuit de revivre dans la lumière ? Comment leur rendre une autre valeur d'elles-mêmes que celle du fric ou du muscle ? Comment faire pour les récupérer et les soumettre à une cure de désintoxication, alors qu'elles sont prêtes à tout pour y échapper ? Quelle baleine d'optimisme, quelle montagne de facultés, quels efforts sont demandés aux pauvres militants sociaux qui pourtant, jour après jour, essayent de sauver certaines de ces fillettes.



Nous vivons dans une drôle de société, qui a tout abandonné, au point d'établir des règles de comportement pour le cirque qui se déroule quotidiennement dans les rues situées derrière la poste. Ces règles inventées pour ne plus déranger les voisins qui se sentent irrités dans leur petite vie bien commode. Des règles pour l'anarchie. Cette machine laissant derrière elle des corps déchirés et des âmes qui au fil du temps passé dans la rue, se sont endurcies comme du granit.

Pensez que parfois il y en a qui partagent leur came avec celles qui sont malades. Des héros ! Sans ironie. « the needle and the damage done » les maux faits à jamais. Quelle thérapie peut sauver et réparer ces dégâts. Avec leurs coeurs endurcis, elles seraient prêtes pour faire une carrière shootante à la bourse, en tant que brokers ou dealers, rapides et voraces. Rarement elles y accèdent en tant que groom ou en tant qu'escort girl d'un boursier qui se sent un peu seul. N'avez-vous songé, ne serait-ce qu'une seule fois, aux ravages qui sont faits sous vos yeux quand vous pensez à vos propres petits maux ?

SteveL.



# INTERVIEW mam Tania Draut

MÄI ROT UN IECH ASS, BLEIFT DOBÄI, DASS DIR NET OP DÉI SCHINN GITT AN NËMME MECKERT AN IECH JUST BEKLOT, MEE BELIICHT ËMMER DÉI ZWOU SÄITE VUN DER MEDAIL A KOMMT OCH MAT KONSTRUKTIVEN IDDIEN, WAT EEN ZU DEEM THEMA KÉINT ÄNNEREN A VERBESSEREN.

**Moien Tania, kanns du dech kuerz virstellen?**

**Tania:** Mäin Numm ass Draut Tania, ech sinn Diplompedagogin, an ech kommen aus dem Éislek.

**Wéi bass du deemools bei d'Stëmm komm?**

**Tania:** 2007 stoung eng Annonce an der Zeitung, dass d'Stëmm vun der Strooss ee Pedagog sicht, fir den Atelier vun der Zeitung ze leeden. Dat hunn ech super interessant fonnt, a well ech den Diplom hat, hunn ech mech du gemellt. Fir den Job ze kréien, hunn ech missen e prakteschen Test maachen, an zwar hunn ech mech mat de Leit vun der Redaktioun missen dohinnersetzen a mat hinnen eng Redaktiounsversammlung maachen. Nodeems dat gutt geklappt huet, waren d'Leit mat mir zefridden an nom Virstellungsgespréich och déi Responsabel an doropshi sinn ech agestallt ginn.

**Wéi hues du deng Zäit bei der Stëmm erliefst?**

**Tania:** A sech war ech ëmmer frou, fir bei der Stëmm ze

schaffen. Ech hunn déi Aarbecht super gär gemaach. Et gouf keen Dag, wou et mir leedgedoen huet. Ech hu ganz vill super leíf Leit kennegeléiert. Natierlech hat ech och e puer net esou schéi Momenter, mee déi schéi Momenter hunn dat iwverwien.

Mat der Redaktiounsekipp eng Zeitung ze maachen, wor ëmmer immens flott. Ech hat ëmmer eng gutt Ekipp. A mat mengen Aarbeitskolleegen hunn ech mech och ëmmer gutt verstanen.

Wat mir immens gutt gefall huet wor, dass een déi verschiddenste Leit aus alle soziale Schichten huet dierfe kenneléieren. Dobäi sinn ech och nach ëmmer erstaunt, wéi einfach et ëmmer war, fir iergendwou en Interview ze organiséieren. Et huet een den Telefon an de Grapp geholl, dohinner ugeruff a gesot: „Moien, hei ass d'Stëmm vun der Strooss, kënne mir en Interview mat lech maachen?“ Dann hunn d'Leit ons direkt den Accord ginn a mir konnten dann och e Rendez-vous festleeën. Ob dat elo e Minister war oder eng aner Persoun, dat huet keng Roll gespillet. Ech hunn ëmmer geduecht, datt, wann s de elo



dohinner uriffs an du frees fir en Interview, da muss de d'Leit iwwerzeegen, fir iwwerhaapt do eranzekommen, mee dat war awer ni de Fall.

Duerno hunn ech de Centre de post-thérapie zu Schöndels opgebaut, an och déi Aarbecht hunn ech mat grousssem Häerzblutt gemaach an et huet mir och vill Spaass gemaach. Ech hunn awer dunn no 4 Joer meng Entscheidung getraff, fir anzwousch aneschters schaffen ze goen, wat mir och net leeddeet. Ech kucken awer ganz positiv op meng Zäit bei der Stëmm.

#### **Wat huet dir bei der Stëmm dann net esou gutt gefall?**

**Tania:** Wat mir net esou gutt gefall huet wor, datt d'Stonnen an der Redaktioun émmer knapp bemooss waren. Ech ka mech erënneren, dass ech vill Iwwerstone gemaach hunn. Well, wann s de deng Aarbecht gutt wollts maachen, da koums de relativ séier an Zäitdrock. An da konnt ee Verschiddenes, wat ee maache wollt, net maachen. Heiansdo wor een och emol vum Chef oder den Aarbechtskollege genervt, mee dat gëtt et op all Schaff. Dat wore kleng Alldagsproblemer, déi iwverall emol eng Kéier virkommen. Mee dat Positiivt op der Stëmm huet dat Ganzt iwwerwien.

#### **Wat kann een an dengen Aen aneschters maachen?**

**Tania:** Ech mengen näisch. Ech géif soen, d'Iddi, déi hantern der Zeitung ass, fannen ech nach émmer gutt. Esou wéi et émgesat gëtt, fannen ech dat interessant. Mäi Rot un iech ass, bleift dobäi, dass dir net op déi Schinn gitt an némme meckert an lech just beklot, mee beliicht émmer déi zwou Säite vun der Medail a kommt och mat konstruktiven Iddien, wat een zu deem Thema kéint änneren a verbesseren. Da kënnt dir och esou weidermaachen, wéi dir bis elo geschafft hutt.

#### **Hues du eng Iddi, wéi een d'Zeitung weiderentwéckle kéint?**

**Misch:** An der Redaktioun hate mer schonn déi verschidendenst Iddien. Eng wor, dass d'Clienten, déi op der Strooss liewen, d'Zeitunge verkafe können, esou wéi dat an anere grousse Stied och de Fall ass. Et muss een

natierlech kucken, wéi een dat émsetze kann. Nodeems d'Zeitung jo iwverall gratis ausgedeelt gëtt, ass et natierlech einfach, dass d'Leit sech d'Zeitungen iergendwou siche ginn a se da weiderverkafen.

**Tania:** Dat wär jo dann och e ganzt anert Konzept. De Moment verdeelt d'Stëmm vun der Strooss fir Zeitung gratis, fir dass sou vill Leit wéi méiglech se liesen. Muss een d'Zeitung awer bezuelen, dann hëlt se vlächt u Wäert zou, a se gëtt némme vun deene Leit kaaft, déi se gäre liesen. Dat ass eng aner Approach. Wat fir e Konzept besser ass, kann ech net soen.

**Misch:** Mir schaffen elo un der 100. Zeitung. Verschidden Themen hunn mer och schonn e puermol behandelt. Iwver wat kënne mer nach schreiwen?

**Tania:** Hei denken ech och, dass verschidden Themen, déi ee viru Jore schonn emol behandelt huet, roueg nach eng Kéier kënnen opgegraff ginn, wa sech an der Thematik eppes geännert huet. Ech denken dobäi zum Beispill un d'Zeitung „Handymania“, déi mer am Dezember 2009 zesumme gemaach hunn. Haut huet jo kee méi en normallen Handy, mee e Smartphone. Wat huet sech an de leschte Joren a punkto Kommunikatioun alles gedoen? Dat wär jo en Thema, wou een sech domadder auserneesete kéint. An der Aktualitéit gëtt et och émmer nees vill, wat een opgräife kann.

#### **Wéi war et fir dech, fir d'Stëmm ze verloossen?**

**Tania:** Fir bei der Zeitung fortzegoen, war ech schonn e bësschen traureg. Wéi ech awer dunn den 31. Dezember 2016 mäi leschten Dag op der Stëmm ugetrueden hunn, war et eng Mëschung téschent frou, well ech eppes Neies maache konnt, awer och traureg, well ech awer mat enger gudden Ekipp zesummegeschafft hunn, déi mir nach op Silvester selwer op Schöndels Äddi soe komm ass, an déi ech dunn hu misse verloossen.

#### **Wat méchs de elo?**

**Tania:** Ech schaffen elo am Clubhaus op der Heed zu Hëpperdang. Mir organiséiere Weiderbildung am Éislek a sinn aktiv am Beräich 'Liewenslaang Léieren an Active Ageing'. Dat heescht, mir organiséiere Courses, Konferenzen, Workshops am Beräich Gesondheet, Allgemengbildung, lessen an Drénken, Kreativitéit an Aktivitéité wéi Ausflich a sou weider. Alles dat, wat d'Leit kéint interesséieren.

Mir schaffen haapsächlech regional, dat heescht, mir schaffe fir 7 Gemengen aus dem Norden, an et kann all Persoun bei ons kommen, déi onse Programm interessant fënnt.

#### **Merci Tania, fir dësen Interview.**

**Tania:** Merci, datt dir bis op dat schéint Cliärref komm sidd, fir mat mir ze schwätzten!

Marco



Text aus der Zeitung N°14  
zum Thema « Diskriminierung » (März 2001)

# Laissez-nous vivre notre vie

JE TROUVE QUE LE MOT « DISCRIMINATION » EST PARFOIS TRÈS MAL EMPLOYÉ. JE VAIS DONC ESSAYER DE DONNER UNE DÉFINITION PLUS PRÉCISE : DISCRIMINATION, DISTINCTION, SÉPARATION, RACISME, SÉGRÉGATION, ACTION DE DISTINGUER L'UN DE L'AUTRE.

Pour moi, la discrimination se retrouve tous les jours, partout dans le monde. Elle commence déjà ici, à la « Stêmm vun der Stroos ». Chaque fois qu'on explique qu'on travaille pour la « Stêmm » on est automatiquement considéré comme un « sans-abri », ce qui est totalement faux pour la plupart des personnes qui y travaillent. C'est donc de la discrimination et un préjugé gratuit.

Lorsque vous êtes à la recherche d'un logement et que vous racontez au propriétaire que vous bénéficiez du revenu minimum garanti, tout de suite, il se méfie. Il se demande si son loyer sera payé à temps et, souvent, il refuse avec des excuses bidon. La plupart du temps, on vous demande d'avancer une caution et un mois de loyer. Mais pour une personne qui ne touche que le revenu minimum et qui n'a pas d'argent de côté, c'est impossible.

Sans parler des banques qui refusent systématiquement d'accorder des garanties locatives, étant donné que les contrats de travail ne sont pas conclus que pour une période déterminée et inférieure à 1 an. Ça aussi, c'est une forme de discrimination. Et à mon avis, c'est bien voulu par notre État.

Pour les ouvriers à faible revenu, seuls ou en couple, il ne reste donc que les logements pourris, situés au-dessus de certains bistrots. Souvent, on a l'impression que les meubles proviennent d'une décharge. Pour ce qui est de la salle de bain, il n'y en a souvent qu'une pour tout un étage.

Quant aux prix des loyers, ils varient de 12.000.- et 17.000.- flux/mois. Ces établissements ne sont jamais contrôlés par aucun ministère. Pour moi, cela frôle la limite de la légalité. Discrimination !

DISCRIMINATION SUR LE MARCHÉ DU TRAVAIL

Si pour une raison ou pour une autre, vous avez perdu votre emploi, vous devez vous inscrire à l'ADEM. Si, par contre, vous avez le malheur de ne plus être tout jeune, on vous explique que vous êtes trop âgé pour le marché du travail. Ça aussi, c'est de la discrimination.

Et on peut encore continuer longtemps comme cela. Prenons les homosexuels, les lesbiennes, les gens de couleur et même les personnes handicapées. Toutes ces personnes sont discriminées en permanence par des gens qui se



OPGEPASST

op falsch Kollekten a falsch  
«Mataarbechter»

# ATTENTION

aux fausses collectes au profit  
de la Stëmm vun der Strooss

D'Stëmm vun der Strooss deelt mat,  
datt si nach ni an och ni wäert Leit  
schécken, fir an hirem Numm Zei-  
tungen ze verkafen oder einfach  
Suen opzehiewen.

Wann also ee bei iech doheem schellt  
a seet, hie wär e Mataarbechter vun  
der Stëmme vun der Strooss, gitt him  
w.e.g. keng Suen a sot der Police  
Bescheid.

L'association Stëmm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

## DR STËMM CONSULTATIONS MÉDICALES GRATUITES

Consultations médicales gratuites une fois par semaine le mercredi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss, 7, Rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg. Renseignements supplémentaires au numéro: 49 02 60

Gratis medizinische Behandlung jeden Mittwoch Nachmittag in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss, 7, Rue de la Fonderie, L-1531 Luxemburg. Zusätzliche Auskünfte unter der Nummer: 49 02 60



croient supérieurs aux « faibles ».

À partir du moment où on parle de discrimination, il faut également parler d'intégration. Si un étranger habite depuis 20 ans dans notre pays et qu'il ne parle toujours pas un mot de luxembourgeois, c'est qu'il ne veut pas s'intégrer.

Pendant la deuxième guerre mondiale, mon père a été enrôlé de force par les Allemands. À l'époque, il était interdit de parler et d'apprendre le français. Aujourd'hui, avec la majorité du personnel des grandes surfaces qui sont francophones, il ne comprend pas très bien et il a du mal à expliquer ce qu'il lui faut. Mais apparemment, cela n'a pas d'importance et je trouve que c'est de la discrimination. En revanche, ce que je trouve bien, c'est que certains dirigeants de grandes surfaces exigent que leur personnel assiste à des cours de luxembourgeois.

Revenons aux bénéficiaires du RMG. Je trouve tout à fait normal qu'ils aient droit à une carte de libre parcours pour les bus et les trains. Sans cela, ce ne serait pas du gâteau pour aller se présenter à des entretiens d'embauche, car lorsqu'on touche le revenu minimum, chaque dépense compte. Mais lorsqu'on présente sa carte à certains chauffeurs de bus, on a vite compris ce qu'ils pensent. On voit dans leur regard qu'ils prennent les bénéficiaires du RMG pour des « sans-abri » qui profitent de voyager sans payer. Discrimination !

Si, au lieu de toucher le RMG, vous préférez travailler 8 heures par jour dans le cadre d'une mise au travail, vous êtes payé 4.000.- flux de plus par mois. Mais comme tout travail mérite une punition, on vous supprime le droit d'avoir une carte de libre parcours. Vous devez donc tous les mois acheter un « OEKO-PASS » qui coûte 1.600.- flux. C'est de nouveau de la discrimination !

Au Luxembourg, ce pays si riche, il y a environ 2.000 personnes qui travaillent dans le cadre d'une mise au travail. Elles ont des contrats qui vont de 3 à 12 mois et elles sont payées 44.108.- flux net par mois.

Ce qui me frappe quand je vois des chiffres pareils, ce n'est qu'aucun de ces ouvriers n'aura jamais la chance d'avoir un contrat à durée indéterminée. Tombé une fois dans cet engrenage, on n'a plus la moindre chance de s'en sortir. Ce que je veux dire par là, c'est qu'on est peut-être des pauvres mais pas des cons et j'espère de tout mon cœur qu'aux prochaines élections, les pauvres se souviendront de mon article. J'aimerais demander à tous les patrons de donner une chance à tous ceux qui touchent le RMG ou qui travaillent dans le cadre d'une mise au travail. Ce ne sont pas des fainéants. Prenez-les au moins à l'essai, ne serait-ce que pour leur rendre un peu de leur dignité, de leur assurance et de leur confiance en eux ! On parle tellement des droits de l'homme, mais pour moi, ces droits sont bafoués, car les plus faibles sont toujours discriminés. Le Général De Gaulle a dit un jour au peuple algérien : « Je vous ai compris ». Nous aussi, Messieurs les Ministres, on vous a compris.

Text aus der Zeitung N°26  
zum Thema « Ich » (August 2003)

# Ech an... de Misääääärrrr

ICH BIN DER MIKE F. AUS DEN 50'ER JAHREN UND ICH HABE EINE SCHÖNE UND EINE SCHLECHTE ZEIT HINTER MIR. WIR FANGEN AN MIT DER SCHLECHTEN ZEIT, DENN ES IST IM MOMENT DIE, DIE MEIN JETZIGES LEBEN BESTIMMT.

Ich bin als Kind hin und her geschickt worden, weil ich entweder zuviel war, oder weil ich ein schwererziehbare Kind war, was ich aber nicht weiss. Ich kann mich nur ganz vage an meine Zeit erinnern, wo ich bei meiner Grossmutter im Rollingergrund gelebt habe. Mein Grossvater starb am Anfang der 60'er Jahre. Da war das schöne Leben vorbei. Ich kam nach Bettange-sur-Mess. Nach 3 Jahren Heim kam ich eine Zeit lang zu meiner Mutter, die in Belgien eine Gaststätte hatte und mit einem Mann zusammenlebte, der aus der Fremdenlegion kam. Meine Zeit war bei denen eine Hölle, denn ich musste immer auf meine Stiefschwester aufpassen und abends immer Kegeln aufrichten auf der Kegelbahn, wo ich dann um Mitternacht als Belohnung ein Stück Schokolade bekam. Eines Abends hatte ich es sehr satt und ich suchte das Weite. Ich bin zu einer Freundin meiner Mutter abgehauen. Die brachte mich zu meiner Tante, wo mein Bruder auch war. Die konnten mich jedoch nicht bei sich behalten. Meine Tante ging mit mir aufs Jugendgericht, und der Richter machte den Vorschlag, mich vorübergehend für 14 Tage nach Dreiborn zu schicken. Meine Tante stimmte zu, und ein Beamter aus Dreiborn nahm mich mit ins Heim. Unter schweren Tränen kam ich an und aus den 14 Tagen wurden 7 Jahre. Dort lernte ich

